# Kontakt

**Informatiounsblat vum Fieldgen / No 5** — **Freiden, 15. Oktober 2021**

## AGENDA
vun der nächster Woch

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| | | | | **VE - 15.10.**<br>**15h15**<br>Preparatiouns-Week-End fir de 7es-WE (bis samschdes 12h) | **SA - 16.10.**<br>**8h - 10h**<br>Noschreiw-prüfungen am Sall Raoul Follereau |
| **LU - 18.10.**<br>**7G5**<br>Teambuilding am Mariendall<br>**19h00**<br>Elterever-sammlung fir 4C | **MA - 19.10.**<br>**7C2**<br>Teambuilding am Mariendall | **ME - 20.10.**<br>läschten Dag fir d'Fotoen ze bestellen | **JE - 21.10.**<br>**14h20 - 16h15**<br>Fromatioun fir Délégués de classe vun $4^e$, $3^e$, $2^e$, $1^e$ | **VE - 22.10.**<br>**7C3**<br>Teambuilding am Mariendall | **SA - 23.10.**<br>**8h - 10h**<br>Noschreiw-prüfungen am Sall Raoul Follereau |

### Menü reservéieren mam Mensamax

Mat eisem neie Programm *Mensamax* kann een am Moment just iwwer Internet reservéieren, sief dat um Computer oder um Handy (via *Safari*, etc)

Et muss een bis 14h30 säi Menü fir den Dag drop ré-servéieren, dono ass et net méi méiglech.

De Menü fir Méindes, muss bis Freides um 15h ré-servéiert sinn. Probéiert dat w.e.g. anzehalen. Sou kann de Kach sech besser préparéieren. Mir wëllen och an eiser Cantine nohalteg sinn a geheien ongäer Iesswueren eweg.

Bis d'Allerheljevakanz gi mer iech d'Méiglechkeet de Menü vu Méindes, bis Méindes moies 8 Auer ze ré-servéieren. No der Vakanz ass dat net méi méiglech.

Merci, dass der all en Effort maacht.

### COVID19 - News

**Dir sidd am Ausland geimpft ginn an et gëtt (op mannst) een positive Fall op der Klass ?**

Wann ee positive Fall op der Klass ass, gitt dir vun der Lëtzebuerger Santé behandelt, wéi wann dir net geimpft wäert a musst an d'40-taine, well dir hei am Land a kenger Datebank sidd.

Wann dir dat wëllt verhënneren, da muss dir ären aus-länneschen Impfschäin als PDF schécken op :

**contact-covid@ms.etat.lu**

Dat muss dir all Kéiers widderhuelen, wann et ee posi-tive Fall op der Klass gëtt, well d'Santé ären auslänn-eschen Impfschäin net däerf versuergen.

**! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! ! !**

**WAT WIERKLECH WICHTEG ASS**

epfShop



## Öffnungszäiten

| | LU | MA | ME | JE | VE |
|---|---|---|---|---|---|
| 7h40-8h00 | | X | | | X |
| 9h40-9h55 | X | | | X | X |
| 14h20-14h45 | X | X | | X | |

## Brauchs du Hëllef fir :
## WiFi - eduRoam - WebUnits

**Da mell dech beim :**

beim SCHÜLER-HELPDESK
Dënschdes bis Freides
vun 9h40 bis 9h55
am INFOB



**oder**

Max. 15 Leit

an den BYOD études

Méindes
vun 14h20 bis 15h10
am INFOA

Mëttwochs
14h20 bis 15h10
am INFOB




**28 octobre de 16h00 à 17h30**

Webinaire sur la création du Curriculum Vitae et sur la préparation à l'entretien d'embauche pour les élèves âgés entre 14 et 18 ans.

Si tu veux t'inscrire, contacte Mme Nicole Sertznig via Teams ou dans son bureau C271.

## Foto-Bestellung

Et kann een d'Fotoen mëttlerweil och iwwer Virement bezuelen. D'Kontosnummer fënnt een wann een de QR-Code benozt.

D'Zäitspann fir d'Fotoen ze bestellen ass bis mëttwochs, den 20. Oktober verlängert ginn.

## Commande des photos

Entre-temps, il est possible de payer les photos par virement. Le numéro de compte est lisible si on utilise le QR-Code.

Le délai pour commander les photos est prolongé jusqu'au mercredi 20 octobre.



